Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 10. November 2023

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Louis Baruzzini** | **Steve Blasen exc.** | **Steve Degano** | |
| **Claude Ernst** | **Jean-Marc Hoffmann** | **Christiane Huberty** | **Uwe Jakoby exc.** |
| **Patrick Molitor exc.** | **Gilles Mores exc.** | | |

## 1. Fazit vum Triangulaire a vum Mätch géint d'Saarland

Bei denen 2 Mätcher konnten net all eis Stammspiller derbäi sinn. Et woar d'Geleeënheet fir e puer nei Spiller a Spiller mat manner Erfahrung eng Chance ze ginn. Dofir däerf een d'Resultater net iwwerbewärten. D'Mandy huet zu Dampicourt misse wéinst Gläichgewichtsstörungen ophalen.

Géint d'Saarland hunn d'Mandy an d'Kim eng ganz gudd Leeschtung bruecht. D'Hären hunn héich verluer, wobäi een di ganz stoark Leeschtung vum Saarland net ënnerbewärten däerf.

Eng détailléiert Analys gëtt am Gespréich mat de Coache gemeet.

Positiv ass de Fakt, dass nees esou Mätcher sinn an dass d'Damme mat agebonnen gi sinn.

Et muss awer mam Tom Hoffmann geschwat ginn, wéi d'Resultater vun esou Mätcher an de Press sollen duergestallt ginn.

## 2. Ekippechampionnat 2023-2024

De Steve huet d'Statisken à jour gesat an op de Büro geschéckt.

Haptsächlech an der ierweschter Divisioun sinn ganz d'Mätcher ganz spannend.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

### 3. LN-Cup 2023-2024

D'Umeldungen fir d'Amicale Post B, Honnerter-Performance B & C an Bourscheid B,C an D ginn erausgeschéckt. Di éischt Ronne ginn ab Januar spillen. D'Auslousung ass de 5. Dezember um 18:30

### 4. Eenzel- an Tandemmeeschterschaften 2023-2024

De Büro huet no enger Lëscht fir d'Rechnungen gefrot. D'Kaderspiller si praktesch all ugemellt. D'Coache sollen sech mat denen a Verbindung setzen, di nach net ugemellt sinn. De Claude gëtt dem Uwe d'Nimm.

### 5. 3-Bunne-Weltmeeschterschaft

D'TKS kuckt mat hire de Coache fir Spiller ze nominéiere.

### 6. World-Cup

Festleeën vun enger Informatiouns- an Diskussiounsversammlung mat de Veräiner aus der Nationaldivisioun an den Dammeveräiner. Et gëtt eng Invitatioun fir di next d'TKS-Sitzung de 5. Dezember un d'Veräiner geschéckt.

Diskussioun iwwer de World-Cup a Brasilien:

- Fällt ausserhalb vun enger Vakanzzäit
- Finanziellen Impakt op d'Veräiner
- Wat geschitt, wann ee qualifizéierte Veräin net untrëtt?

### 7. Reglementer

Fräigab ass net Transfert. Vu dass kee lëtzebuerger Veräin geschiedecht ass, kann eng Fräigab fir an engem auslännesche Veräin ze spillen och no der Transfertszäit erdeelt ginn, ënner der Bedingung, dass de betraffene Veräin domat averstanen ass. Dowéinst muss eist Reglement geännert ginn. Hei den Text, den an der nexter Generalversammlung vum Sportkeelen de Veräiner soll virgeschloe ginn.

a. Die Transferzeit gilt vom 16. Mai bis zum 30. Juni

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

b. Wenn ein Spieler in der Hinrunde kein Spiel für seinen Verein bestritten hat kann er nach der Hinrunde einen Vereinswechsel vollziehen.

c. ~~Auch~~ Für internationale Transfers **ins** Ausland ~~sind nur in der vorgesehenen Transferzeit erlaubt~~ in der Transferzeit **muss** eine Freigabe vom Verein erstellt werden. Nach Ablauf der Transferzeit **kann** der Verein, falls er mit dem Wechsel einverstanden ist, eine Freigabe erstellen.
Ein internationaler Transfer in die luxemburgische Meisterschaft ist nur möglich, wenn der Spieler in der laufenden Saison **kein** Spiel bestritten hat. Auch hier **sollte** eine Freigabe vorliegen. Nach Ablauf der Saison ist der Spieler nicht mehr an eine Transferzeit gebunden.

d. Bei einem internationalen Wechsel sollte der Verband eine schriftliche Freigabe an die NBS senden, damit der Wechsel offiziell getätigt werden kann.

## 8. Verschiddenes

### a. Coach-Team

Et gëtt sech mam Coach-Team zesumme gesat fir e Konzept fir Kadertraininger an d'Virbereedung vun de Weltmeeschterschaften ze organiséieren.

### b. ……

**Next Sitzung ass de 5. Dezember um 17:30 zu beim Kueb**
**18:30 Auslousung vun der Coupe**
**18:45 Versammlung mat de Veräiner iwwer de World-Cup**

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE

hummel
www.lupa69.com

WILWERT
depuis 1952